N°2495
Entrée le 04.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 2495 vun der éierewäerter Deputéiert Nancy Arendt iwwert Méiroboteren**

1. ***Ass dem Här Minister dëse Problem bekannt?***

Jo.

2. ***Huet den Här Minister Zuelen iwwert wéi vill Kéiseker duerch Méihroboter verletzt goufen oder ëmkomm sinn ?***

Nee.

3. ***Gedenkt den Här Minister, d'Leit ze sensibiliséieren iwwert d'Gefore vun de Méihroboter fir de Kéiseker?***

Aktuell ass keng spezifesch Sensibiliséierungsaktioun an deem Kontext geplangt. De Ministère ënnerstëtzt awer Acteuren fir op méi biodiversitéitsschounend Méi-Methoden hinzeweisen an dës konkret um Terrain ëmzesetzen.

4. ***Wéi steet d'Regierung zu der Aféierung vun engem Nuetsfuerverbuet fir Méihroboter?***

Als éischt misst eng juristesch Analyse gemaach ginn ob a wéi sou e Verbuet zu Lëtzebuerg ëmsetzbar wier. Wéi déi honorabel Deputéiert richteg seet, ass dat an Däitschland net um Niveau vun der nationaler Regierung oder der respektiver Bundeslandsregierung ëmgesat ginn, mee um Niveau vun de Stied.

Luxembourg, le 4 août 2025

(s.) Serge Wilmes

Ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité